

Alstad news

NEIEGKEETEN AUS DER ALSTAD

13/2012

Virwuert

De Comité Alstad huet 75 Joer

Am Fréijoer 1937, also viru 75 Joer gouf vum Georges Schmitt a Lambert Schaus de Comité Alstad an d'Liewe geruff. Hiert Ziel wor et, d'Éimaischen erëm nei ze beliewen.

Aus deem „Comité pour la réorganisation de l'Éimaischen“ deen am Mee 1937 op der Mairei virgestallt gouw as nom Krich de Comité Alstad entstaan. Haut, no 75 Joer wölle mer fir d'Éischt un ons Grënner denken an un déi, ènnert hinnen de Festungshistoriker Jemmy Koltz, déi als éischt am Comité gehollef hun.

Iwwer all déi Zeit huet onse Comité, mat méi a manner aktive Perioden, et ferdechbruecht e wéineg fir ons Éimaischen a fir dat Kulturellt an der Alstad ze suergen. Am Laaf vun der Zeit woren et der e Sellechen déi matgeschafft hun, alt méi an alt manner, mais èmmer an deem selwechte Geesch, am Senn vun der Saach. Hinnen all e ganz grosse Merci!

Merci och deenen, déi haut, vill vun hinnen seit 1981 - an onse Claude Esch schon e puer Joer méi laang, mais hien as jo och Ouschterméinde op d'Welt komm - derbei sin, jiddwereen an senger Spezialitéit an no senger Zeit, mais mat der gewëssener Begeeschterung ouni déi mir et wuel net 75 Joer gepackt hätten.

Elo steet erëm Ouschteren vrun der Diir an och domat déi 185. Éimaischen um Feschmaart.

Och dëst Joer hu mir natürlech erëm onsen traditionnel Objet, esou 2 der-vun, dee 6. Peckvillchen an och e schéine klengen Plateau mam Motiv vum „Konschthaus Beim Engel“, dat Haus wou de Comité Alstad säi Sëtz huet. Mir wölle iech och elo schons op ons „Porte ouverte“, Samschdës den 14. Abrël 2012 vun 10:00 bis 18:00 an onsem Sëtz invitéieren.

Meng Frénn aus dem Comité Alstad an ech wënschen lech ganz schéin Ouschteren, a, wee weess, vläicht begéine mer ons op der 185. Éimaischen um Feschmaart oder bei onser « Porte ouverte » oder soss bei der enger oder anerer Gelejenheet.



Jean-Mathias GOERENS
President

O PRUFF

Fotoë vun der Alstad gesicht.

De Comite ass zanter e puer Joer amgaang e Fotoarchiv opzebauen a wier ganz vrou iwwer är Mathëllef.

Mir sinn op der Sich no Fotoë vun der Alstad (et können och Filmer sinn, déi dir selwer gedréit hutt). Dat können Architekturfotoë sinn, vu kulturelle Manifestatiounen, selbstverständlich och vun der Éimaischen. Och si mir intresséiert u Fotoë vu sportleche Manifestatiounen, (déi sech um Feschmaart ofgespillet hunn), Fotoë vu Feschmaarter Veräiner an hiren Aktivitéiten, vun der Méchelskierch oder vu reliéise Gebräicher ewéi z. B. Prossessiounen, Kommuniounen asw., och Fotoë vu Leit, déi um Feschmaart gelieft hunn. Jee, mir sichen all Zort vu Fotoën oder Filmer, déi mam Feschmaart ze din hunn.

De Comité Alstad wier vrou, wa Leit, déi esou Fotoën oder Filmer hunn, dës zur Verfügung géife stellen, fir datt eng Copie kann dovunner gemaach ginn.


Et versteet sech vum selwen, dat är Originaler mat der gréisstméiglecher Suergfalt behandelt ginn an datt se onbeschidegt hanneschtgeschéckt ginn. – Wien hëllefe kann oder wieder Informatiounen brauch, soll op der Telefonnummer 46 61 88 uruffen. Fir är Mathëllef elo schonn e ganz grosse Merci.

Sëtz: 1 Logegaass um Feschmaart
Postadress:
 Postkëscht 1325 • L-1013 Lëtzebuerg
Telefon: 46 61 88 • Fax: 40 97 50
E-mail: comite.alstad@pt.lu
Internet: www.comitealstad.lu

D'HAUS ËNNERT DE STEILER

D'Haus N° 2 an der Logegaass kann ee roueg als Pronkstéck bezeechnen. Et handelt sech hei ëm d'Haus „Ënnert de Steiler“. D'Haus ass wahrscheinlech dat eelst an der Stad an huet am X. Joerhonnert als Gemengenhaus gedéngt. Et ass en Haus am spéitgotesche Stil, déi Renaissancevirhaal ass aus der franséischer Zäit. Am Haus selwer haten d'Franzousen eng Wuecht ageriicht. Intressant sinn och déi gotesch Mauerwicker iwwert de Fénsteren um éische Stack. Um Eck an der Fassade ass eng schéi spéitgotesch Niche mat enger Selbdrittgrupp. Säit 1824 ass d'Haus eng Wiertschaft, an de bekanntste Wiert, aus neierer Zäit, war de Goldschmit's Jang. Ernimme mer awer och, datt de Jean Schalop, Scheffe vun der Stad Lëtzebuerg, am Joer 1443, hei virum Haus den Heldendoud gestuerwen ass, wéi d'Burgunder d'Stad ageholl hunn.

D'Haus Ënnert de Steiler ass och de Motiv op engem klenge quadrateschen Teller (16 x 16 cm) dee mir lech am Kader vun onsen Editiounen fir d'Éimaischen ubidden. D'Zeechnung ass vun onsem Member a Kënschtler Serge Di Paoli. Hiergestallt gouf dëse klengen Teller an der Keramikfabrik zu Esch. Benotze kann een den Teller zum Beispill als Vide-poche oder fir sengem Besuch e puer gutt Knippercher z'offréieren oder ganz einfach als Dekoratioun. Si dir op der Sich no engem typesch Lëtzebuerger Kado? Da wier dat hei eng gudd Iddi.



Bestelle kann een de klengen Teller bis den 20. Abrëll 2011 beim Comité Alstad, duerch Iwwerweise vun **20 € pro Stéck** op ee vun onse Konten

Spuerkeess : IBAN LU64 0019 1755 0897 0000
Postscheck : IBAN LU02 1111 0080 8736 0000
Fortis Bank : IBAN LU19 0030 7564 6694 0000

Ofhuele kann ee säi bestallten a bezuelten Tellerchen Ouschartméindeg op der Éimaischen um Fëschmaart, um Stand vum Comité Alstad (Dir fannt ons hannert dem Palais). Wien net op d'Éimaischen ka kommen, huet Méiglechkét säin Tellerchen am Konschthaus Beim Engel op N° 1 an der Logegaass um Fëschmaart, vum 26. Abrëll bis den 20. Mee 2011 ofzehuelen. D'Konschthaus Beim Engel ass op, all Dag vun 10:00-12:00 a vun 13:30-18:30 Auer, ausser Méindes.

PÉCKVILLCHEN 2012

Fir de 75. Anniversaire vum Comité Alstad huet onse Member Serge Di Paoli e ganz flotte Péckvillchen entworf. Réaliséiert gëtt och de Péckvillchen 2012 an der Keramikfabrik zu Esch-Uelzecht. Bestelle kann een de Péckvillche vun elo u bis den 3. Abrëll 2012 beim Comité Alstad, duerch Iwwerweise vu 25 € pro Stéck op ee vun onse Konten:

Spuerkeess : IBAN LU64 0019 1755 0897 0000
Postscheck : IBAN LU02 1111 0080 8736 0000
Fortis Bank : IBAN LU19 0030 7564 6694 0000

(mam Vermierk: Péckvillchen 2012)

Ofhuele kann ee säi bestallten a bezuelte Péckvillchen Ouschartméindeg op der Éimaischen um Fëschmaart, um Stand vum Comité Alstad (Dir fannt ons hannert dem Palais).

Wien net op d'Éimaische ka kommen, huet d'Méiglecheet, säi Péckvillchen am Konschthaus Beim Engel op N° 1 an der Logegaass um Fëschmaart, vum 10. Abrëll bis den 1. Mee 2012 ofzehuelen. D'Konschthaus Beim Engel ass all Dag op vun 10:00-12:00 a vun 13:30-18:30 Auer. Méindes ass zou.



Et sief nach bemierkt, datt de Péckvillchen 2012 just an enger klenger Oplo vun 150 Stéck gemaach gëtt, numeréiert a mat engem signiéierten Zertifikat vum Artiste.


Mir wënschen iech vill Freed mam Péckvillchen 2012.

DE COMITÉ ALSTAD, D'ÉIMAISCHEN AN OCH ANERES

ZESUMMENGESTALLT VUM CLAUDE ESCH

D'Éimaischen ass en Emmausmaart. De Maart ass op Ouschterméindeg, well deen Dag d'Aulebäcker an der Méchelskierch an der aler Stad hir Zonftmass gefeiert hunn. No der Mass goufen op der Plaz virun der Méchelskierch lerdewuere verkaf. Virwat grad op Ouschterméindeg?

En Emmaus-Maart gouf et bestëmmt och nach énzwousch anescht. Am Brevéier, fir méi genau ze sinn, an der Priedegt vum hellege Gregorius, gëtt op dem Dag vun Ouschterméindeg d'Handwierk vun den Aulebäcker ernimmt. Firwat eigentlech grad deen Dag? Dat wësse mer net, an dat ass och net méi erauszfannen. Mee eent ass sécher, op alle Fall gouf et hei an der Méchelskierch, oder wéi déi Alstater nach haut soen « op Dominikaner », eng Aulebäckeschmass op Ouschterméindeg. A wéi seet schonn onse Spezialist a Saache Folklor, den Alain Atten: « Eng Dëppébäckeschmass op Emmausdag ass nach lang keng Éimaischen ». Iwwert a vu festleche Gebräicher an der Alstad kann een an deenen ale Regëschtere vun der Theobaldusbrudderschaft villes nokucken. Iwwert all Zonftmass wësse mer Bescheid, mee iwwert ons Éimaische fanne mer keng Zeil an deenen alen Dokumenter. A kenge vun deene ville Maartstatistiken, déi an onsem Nationalarchiv versuerjt ginn, sief dat aus der Zäit vun den Éisträicher, oder vun de Fransousen, fanne mer eppes iwwert ons Éimaischen. Ass et méiglech, datt d'Éimaischen vun de Fransouse ganz ofgeschaf gouf? Den Emmaus-Maart hat vläicht esou u sénger Bedeutung verluer, datt d'Theobaldusbrudderschaft et net méi fir néideg



Collection Comité Alstad

fond huet, fir doriwwer ze schreiwen. Mee eent ass sécher, datt wann et eng Zonftmass op Dominikaner gouf, gouf et och op der Plaz virun der Kierch e Maart. Leider wësse mer net, wéi laang et schons den Aulebäckeschmaart op der Plaz virun der Méchelskierch gouf.

Eng éischte Kéier gëtt déi Fëschmaarter Éimaischen ernimmt an enger offizieller Maartkorrespondenz. Et handelt sech hei ëm e Bréif vum 3. Abrëll 1827, deen de Polizeikommissär Jemp Müllendorf un de Schefferot vun der Stad Lëtzebuerg geschriwwen huet :

« Nobles et honorables seigneurs – Le lundi de Pâques se tient une petite foire, principalement en poterie, en face de l'église Saint-Michel, et elle attire un grand rassemblement de monde, surtout d'enfants. Quoique la rue soit

”ÉIMAISCHEN 1995 um Fëschmaart”



Foto: Lé Sibenaler (Archiv Wort)


Éimaischen 1984



”Ouschterméindeg
den 17. Abrëll 1995”



large en cet endroit, le passage s'est trouvé obstrué ce jour et quoique ce ne soit plus jour de fête, l'office divin se fait comme autrefois dans la susdite église. Par conséquent ce rassemblement de monde et de tumulte qui en est inséparable, sont très indécents en ce lieu. Je proposerai donc à vos seignuries de transférer cette foire sur la



grande place du Marché aux poissons qui réunit en elle-même tous les avantages de la sûreté publique, la liberté des passages et un plus grand éloignement de l'église. On pourrait au besoin, pour prévenir les disputes que la cupidité de certaines personnes y fait souvent naître, pour occuper la première place, en faire la distribution la veille. »

Schons dräi Deeg méi spéit, also de 6. Abrëll 1827, huet de Buergermeeschter vun der Stad sengem Polizeichef eng schriftlech Äntwert geschéckt : « Nous vous autorisons pleinement à prendre toutes les mesures que vous jugerez convenables pour la tenue de la foire d'Emmaus. » Et wor also de 16. Abrëll 1827, wéi déi éischt Éimaischen op der grousser Plaz um Fëschmaart ofgehal gouf, an dun och hei hir definitiv Plaz fond huet, bis haut. Mee némmen en typeschen Aulebäckeschmaart wor et net méi, et wor nach just e Kreemchesmaart. Bis zum éischte Weltkrich gouf et ierde Spillsaachen op der Éimaischen ze kafen. Mir wëssen, datt déi Zäit schons d'Éimaischen vu ville Kanner besicht gouf. A wann ee Kanner seet, dann denkt een natierlech un d'Spillgezei, wat se do kaf kruten. A wat konnt ee schons op sou engem Aulebäckeschmaart vu



Eimaischen 1976

Foto: Lé Sibenaler (Archiv Wort)

Spillgezei kafen? Et kann ee sech virstellen, datt een dat ze kafe krut, wat onsen Nationaldichter Dicks 1883 a senge Lëtzebuerger Gebräicher opgezielthuet, esou zum Beispill: « Péckvillercher », « Spriddelcher », « Leinefässercher » an och « Weirachen ». Wéi déi Nouspelter lewen esou lues a lues émmer manner gebak hun, ass duerfir méi auslännesch Wuer op de Maart komm. - Während 20 Joer gouf et kee Lëtzebuerger Péckvillche méi.

An dun ass et biergof gaang mat der Éimaischen. Zénter 1914 si Joer fir Joer émmer manner Leit op Ouschterméinde d'Fleeschiergaass erofgetréppelt, fir en Tour iwwert déi Fëschmaarter Éimaischen ze man. A wéi schons gesot, d'Éimaischen wor némme méi e Kreemchesmaart, et goufe keng « Hänsercher » méi, keng ierde Päifen, keng Tase mam Numm drop, déi ee senger Freiesch kaf huet, fir hir domadder ze soen, datt ee frou mat hir wir.

Wéinst de Kanner, a wéinst dem Profit, sinn du d'Geschäftsleit op d'Iddi komm, fir Péckvillercher aus der Eifel kommen ze loissen. Just dat bëssche Spillgezei an och e puer gro stengen Dëppe gouf et bis ufanks den drësseger Joeren. Mee mir wëssen awer och, datt am éischte Weltkrich, 1918, d'Éimaischen kuerfristeg ofgesot gouf, well Fligerattacke gefaart goufen. An enger Sëtzung vum Gemengerot vum 7 Abrëll 1918 ass e Kredit vun 2.500 Frang votéiert gi fir Händler fir déi ausgefallen Éimaischen ze entschiedegen.

(weider an der Alstad News 14)



Dicks-Owend am Groussen Theater 1997

Collection Comité Alstad